

De Bilan vun

Bilan du travail de
Summary of the Work of
Balanço do trabalho de

zfl

Zesumme
fir Leideleng

2017
-
2023



Para português,
por favor ver aqui



For English,
please see here



- **Êtes-vous déjà inscrits pour voter aux élections communales de Leudelage ?**
Enregistrez-vous ici jusqu'au 17 avril 2023
- **Are you registered to vote in the 2023 Leudelage local elections?**
Register here until the 17th of April 2023
- **Já está inscrito para votar nas eleições comunais de Leudelage?**
Inscreva-se aqui até ao dia 17 de abril de 2023

Konstruktiv, kritesch hannerfroend an engagéiert

- dat ass d'Aarbecht vun eise véier Gemengeréit.

Et ass net evident, aus der Oppositoun eraus eppes ze veränneren a seng Iddien duerchzusetzen. Oft goufen eis Virschléi mat fënnef zu véier Stëmme vun der Majoritéit ronderëm d'Buergermeeschtesch Diane Bisenius-Feipel blockéiert. Trotzdeem goufen eng Rëtsch vun eise Propose realiséiert. Doriwwer eraus konnte mir eng Rei Initiativen, déi vum Buergermeeschter- a Schäfferot ausgongen, verbessern, entweder well jiddereen d'accord war oder well ee bis zwee Membere vun der Majoritéit sech beim Vott op eis Säit geschloen hunn.

An dësem Bilan analyséiere mir awer och d'Aarbecht vum Buergermeeschter- a Schäfferot an deene leschte sechs Joer. Eng Partie Punkten aus hirem Programm goufen ëmgesat, eng Rei wichteg Punkten awer och net. Dat prominentst Beispill: D'Place du Lavoir, op där e Shared Space versprach gouf, gesäit - mat Ausnam vun enger kënschtlrescher Valorisation vun de bestehenden Haiser an Halen - nach genee esou aus wéi viru sechs Joer.

Lou Linster

Spëtzekandidat

Gemengeconseiller





© WWF+

Infrastruktur

Shared Space

E Shared Space am Zentrum vu Leideleng mat Commercen, enger Terrasse an abordablem Wunraum: Et war dat zentraalt Walversprieche souwuel vun eis wéi och vun der Equipe vun der Buergermeeschtesch.

- ▶ **Viru véier Joer gouf eng grouss Biergerbedeelegung organiséiert.**
- ▶ **Zwee Haiser am Zentrum konnte kaf ginn.**
- ▶ **Um Terrain selwer ass bis ewell näischt geschitt: D'Planung ass nach ëmmer net ofgeschloss.**
- ▶ **D'Neigestaltung vum Duerfkär hätt missen nieft der neier Schoul als absolut Prioritéit behandelt ginn. Dat ass dem Buergermeeschter- a Schäfferot awer leider net gelongen.**

Reamenagement vun der Rue de la Gare

De Kanal an der Rue de la Gare war altersbedéngt a schlechtem Zoustand an net ausgeluecht op den zukünftege Bevëlkerungswuesstem. E Reamenagement vun dëser Strooss war deemno noutwenneg.

- ▶ **De Chantier konnt méi séier ëmgesat gi wéi geplangt.**
- ▶ **Käschtenexplosioun: De Chantier huet schlussendlech 3,1 Mio. € méi kascht wéi ursprénglech geplangt, eng Steigerung vu ronn 90%.**
- ▶ **Vill Extrawënsch vum Buergermeeschter- a Schäfferot, déi eréischt koumen, wéi de Chantier schonns amgaange war, sinn d'Haaptursaach vun dëser Käschtenexplosioun.**

Demontage vun der Héichspannungsleitung um Schléiwenhaff

Opgrond vun de potenzielle Gefore vun enger Héichspannungsleitung an der Agglomeratioun, hu mir eis dofir agesat, datt d'Héichspannungsleitung um Schléiwenhaff demontéiert gëtt.

- ▶ **An Zesummenaarbecht mat de Gemenge Reckeng a Monnerech, dem Bedreier Sotel an engem private Promoteur konnt dëst realiséiert ginn.**

Mobilitéit

Late Night Bus

- ▶ **Duerch eisen Ustouss ass de Late Night Bus tëscht der Stad a Leideleng agefouert ginn.**
- ▶ **Eng Offer, déi sécherlech nach ausbaufäeg ass, mee en éischte Schrëtt an déi richteg Richtung duerstellt.**

vel'OH!

Mir hunn eis dofir agesat, datt Leideleng un de Stater vel'OH!-Reseau ugeschloss gëtt.

- ▶ **Véier vel'OH!-Statioune ginn et méttlerweil zu Leideleng.**
- ▶ **D'Zil muss sinn, nach Statioune bäizekréien. Esou gëtt et z.B. keng Statioun um Schléiwenhaff.**

“De vel'OH! erméiglecht et, sech séier a klimafreundlech zu Leideleng ze deplacéieren, respektiv an d' Stad ze fueren. Elo brauche mer e konsequenten Ausbau vun de Vëlospisten.”

Jean-Pierre Roemen
Gemengeconseiller





Ënnerféierung Op dem Schass

Mir hunn eis dofir agesat, datt d'Ënnerféierung Op dem Schass tëscht dem Schléiwenhaff a Märel géif wéi virgesi gebaut ginn.

► **Fir d'éischt huet de Buergermeeschter- a Schäfferot eis staark dofir kritiséiert, mee spéider hu se hir Meenung geännert.**

► **Der CFL huet ugangs en Terrain gefeelt, wou de Proprietär awer méttlerweil enteegent gouf.**

► **D'Ënnerféierung soll elo awer gebaut ginn, mee just fir d'Mobilité douce opgoen, well d'Stad Lëtzebuerg dogéint ass, datt an der Rue des Celtes zu Märel nees Duerchgangsverkéier ass.**

Ruffbus

E Ruffbus kéint genotzt ginn, fir Kommissiounen ze maachen, an d'Apdikt a bei den Dokter ze goen oder awer d'Sportsoffer vun der Gemeng Beetebuerg ze notzen.

► **De Buergermeeschter- a Schäfferot war ugangs onentscheet, dunn dofir, dunn dogéint.**

► **Fir 2023 sinn op eis Initiativ hin elo awer am Budget Sue fir de Ruffbus virgesinn. Ob dëse Service nach an dëser Legislatur agefouert gëtt, hänkt um Schäfferot.**

Parking résidentiel

De Parking résidentiel erlaabt et, d'Parkplazproblematik am Duerf an an den Aktivitéitszonen an de Grëff ze kréien.

► **Mir hunn um neie Verkéiersreglement matgewierkt, dat am Summer 2022 endlech gestëmmt gouf.**

► **Dat neit Reglement ass sécherlech net perfekt a wäert nach mussen ugepasst ginn.**

Gemengeservicer & Digitalisatioun

Écrivain public

Op eis Initiativ hi gouf en Écrivain public agefouert. Eng Leidelenger Biergerin hëlleft Leit benevole, fir administrativ Schreiwessen ze interpretéieren an ze beäntwerten. Si steet och zur Verfügung, fir engem bei administrativen Online-Demarchen ze hëllefen.

Grondsteiererhéijung fir d'Betriber

Säit der Gemengefinanzreform kritt d'Gemeng Leideleng pro Joer just nach 1,5 Mio. € Gewerbesteier vun insgesamt 25 Mio. €, déi um Territoire vu Leideleng erwirtschaft ginn. Virun der Reform krut Leideleng ronn 9 Mio. €.

Fir d'Ewechfale vun dëse Recetten ze kompenséieren, hu mir schonns 2018 per Motioun virgeschloen, d'Grondsteier fir d'Betriber ze héijen a gläichzäiteg d'Gewerbesteier ze reduzéieren, fir de Betriber entgéintzekommen.

2021 war de Buergermeeschter- a Schäfferot (endlech) vun eiser Iddi iwverzeegt a mir hu se zesummen ëmgesat.

Dës Mesure bréngt Leideleng pro Joer ronn 2,5 Mio. € méi an d'Keess – Suen, déi geholl ginn, fir d'Liewensqualitéit vun de Leidelenger Biergerinnen a Bierger ze verbesseren a fir sozial Mesuren esou wéi Mesure fir de Klimaschutz ëmzesetzen.

Leideleng huet elo den niddregste Gewerbesteier-Taux am ganze Land an ass deemno op kee Fall eng Gemeng, déi géint hir Betriber schafft.

Referendum

Mir haten iwver 460 Ënnerschrëften en faveur vun engem Referendum iwvert e Bezierkswiessel vum Walbezierk Süden an den Zentrum gesammelt.

De 26. Mee 2019 gouf de Referendum ofgehalen an iwver 58% vun de Leidelenger Biergerinnen a Bierger hunn d'Fro iwvert e Bezierkswiessel mat engem Jo beäntwert. An deem Kader hat de Premier Xavier Bettel déi an der Chamber vertruede Parteie gebieden, Stellung zum Walsystem ze huelen. Nodeems all d'Parteie geäntwert haten, ass leider d'Covid19-Pandemie lassgaangen an d'Regierung hat aner Prioritéiten ewéi de Walsystem.

Mir si weiderhin der Meenung, datt eise Walsystem, dee méttlerweil knapp iwver 100 Joer huet, dréngend muss reforméiert ginn.



© shutterstock

Klima & Ëmwelt

Gemeinschaftsgaart

D'Gemeng soll interesséierte Biergerinnen a Bierger e Stéck Terrain zur Verfügung stellen, op deem si zesammen hiert Uebst a Geméis ubaue kënnen.

► **Dës Iddi gouf bis ewell net realiséiert, well de Buergermeeschter- a Schäfferot seet, et stéing kee gëeegenten Terrain zur Verfügung. Dobäi ass d'Gemeng Proprietär vun enger Rëtsch eidel Parzellen am Fronzel.**

Klima-Agence-Infopoint


Op eise Virschlag hi gouf e Klima-Agence-Infopoint (fréier Infopoint myenergy) an der Gemeng geschaf.

► **Dësen erlaabt et, datt all d'Leidelenger Biergerinnen a Bierger gratis vun der Klima-Agence a punkto energieetescher Renovatioun a klimafreindlechem Baue ka berode ginn.**

“Eis Haiser a Wunnenge klimaneutral ze maachen, ass eng grouss Erausfuerderung. Deementspriedend wichteg ass eng adequat Berodung, souwuel wat d'Technik wéi och wat déi staatlech Subsidien ugeet.”

Patrick Calmus
Gemegeconseiller





Logement

Bekämpfung vun der Wunnengsnout

Lëtzebuerg ass an enger Wunnengskris. An deem Esprit hu mir eis bei der Ausgestaltung vum neie Leidelenger PAG a vum neie Bauterement abruecht, ouni dobäi awer de rurale Charakter vu Leideleng an dem Schléiwenhaff aus den Aen ze verléieren. Ë. a. follgend Punkte krute mir duerchgesat:

- ▶ **Iwwerall zu Leideleng däerfen elo mindestens zwee Stäck plus e Retrait gebaut ginn.**
- ▶ **D'Mindestgréisst vu Wunnenge gouf op 30 m² amplatz vu 35 m² festgesat.**
- ▶ **Déi virgeschriwwe minimal Duerchschnittsgréisst vu Wunnengen a Residencë gouf vu 65 m² op 55 m² reduzéiert.**
- ▶ **Och am Résidentiel ass et elo erlaabt, d'Ofwaasser ze pompelen.**
- ▶ **Parklifter goufen erlaabt.**
- ▶ **De Parkschlüssel an den Aktivitéitszone gouf bedauerlecherweis net konsequent reduzéiert. Wat méi Parkplazen do sinn, wat méi Leit mam Auto op Leideleng schaffe kommen a wat mer méi Verkéier zu Leideleng hunn.**

“D’Wunnengskris kann nëmme geléist ginn, wa mer méi dicht bauen. De rurale Charakter vu Leideleng muss awer dobäi erhale bleiwen.”

Lou Linster
Gemengeconseiller



Jugendwunnen

- ▶ Op eis Initiativ hi goufe siwe Jugendwunnenge fir Jugendlecher tëscht 18 a 26 Joer am Haus 46, Rue de la Gare geschaf.
- ▶ D'Jugendlech ginn 10 Stonne pro Woch vun engem Educateur encadréiert.

Zesummeliewen & Chancëgläichheet

Periodeboxen

- ▶ Op eis Initiativ hi goufe Periodeboxen an de Gemengegebaier, wéi dem Kultur- a Veräinsbau oder dem Scoutschalet, opgehaangen.
- ▶ Esou huet all Fra fräien an onkomplizéierten Accès zu Menstruatiounsproduiten.

Les rues au féminin

- ▶ Op eisen Ustouss hin huet d'Gemeng 2022 fir d'éischte Kéier bei der Aktioun *Les rues au féminin* matgemaach, bei där während engem Mount verschidde Stroossen no enger Fra benannt ginn.
- ▶ Déi nächst nei Strooss zu Leideleng wäert dann och den Numm vun enger Fra kréien.



Sport & Fräizäit

Ënnerstëtzung vun de Veräiner

- ▶ Op eis Initiativ hi kritt all Leidelenger Veräin ee Mol pro Joer d’Gemengenzelt gratis op- an ofgebaut.
- ▶ Doriwwer eraus kritt all Veräin e Bezuelterminal vun der Gemeng finanziert.

Promotioun vum Vëlo

- ▶ Op der Schwéngsweed wäert op eis Initiativ hin eng Reparatur- a Luedstatioun esou wéi eng Wäschanlag fir Pedelecs a Vëloen opgestallt ginn.
- ▶ Eng nei Vëlospist konnt an dëser Legislatur leider net realiséiert ginn.

Drëtten Alter

Fleegeheim Geierbiereg

- ▶ Zwou Woche virun de Gemengewalen 2017 gouf eng Konventioun mat Emera fir de Bau vun engem neie Fleegeheim um Geierbiereg ënnerschriwwen.
- ▶ Bal sechs Joer no der Ënnerschrëft vun dëser Konventioun hunn eréischt rezent éischt Aarbechten ugefaangen.

“D’Fleegeheim um Geierbiereg gëtt dréngend gebraucht. D’Gemeng muss dohannert bleiwen, fir datt net weider wäertvoll Jore verluer ginn.”

Marcel Jakobs
Gemeengeconseiller



Eis Kandidatinnen a Kandidate fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023



Lou Linster
31 Joer
Spëtzekandidat,
Gemengeconseiller,
Ingénieur-conseil



Vanessa Baldassarri
ép. Demoling
40 Joer
Juristin beim Ombudsman



Patrick Calmus
55 Joer
Gemengeconseiller,
Metallbauer, Enseignant am
Secondaire



**Denise Copette ép.
Conrardy**
50 Joer
Expert-comptable,
Conseillère économique



Nathalie Entringer
30 Joer
Promovéiert Linguistin am
Zenter fir d'Lëtzebuenger
Sprooch



Marcel Jakobs
68 Joer
Gemengeconseiller,
Staatsbeamten a. P.



Sandrine Pompidou
42 Joer
Juristin, Deputy CEO
Car Avenue Luxembourg



Jean-Pierre Roemen
26 Joer
Gemengeconseiller, Jurist



Dr. Philippe Wilmes
42 Joer
Orthopedesche Chirurg,
Vizepresident AMMD

**Eng lieweg Gemeng
fir jiddereen.**